



Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2021

Léif Awunner vun der Gemeng Habscht !

Den **1. an 2. Mee 2021** organiséiert den Vélosclub SAF Zéisseng seng 13. Editioun vun dem Festival Elsy Jacobs. Dëst ass eng international Etappcourse fir Dammen. Well dës Course zu der Kategorie 2.0 ProSeries vun dem Weltverband UCI gehéiert (déi zweethéchst Klass um Weltniveau), ginn speziell Precautiounen, an Zesummenaarbecht mat der Police Grand-Ducale, virgeholl :

1) Den **1. an den 2. Mee 2021** verleeft de Parcours vun Habscht iwwer den CR 105 a Richtung Äischen, a vun do weider bis an d'Gäichel. Do kann et dann vun 14.15 Auer (Habscht) an bis 14.45 Auer (Gäichel) zu Perturbatiounen am Verkéier kommen, well d'Police do, fir eng kuerz Zäit, den Trafic net duerchléisst, deen a Géigerichtung (a Richtung Habscht) ënnerwee ass.

2) Den **1. Mee 2021** verleeft en Deel vum Schlusscircuit duerch d'Gemeng Habscht. Dofir gëtt de Parcours vun Habscht (rue de Steinfort - rue de Septfontaines) iwwer den CR 105 iwwer Simmer (Mierscherstrooss), Leesbech, Simmerfarm a Simmerschmelz am "sens unique" gefuer. Dës Reglementatioun gëllt vun 13.00 Auer bis 19.00 Auer. Deviatioune gi vun dem Service vun de Ponts & Chaussées ausgeschëldert. Vun 19.00 Auer un kann den CR 105 erëm a béide Richtunge befuer ginn.

Mir freeën eis dës grouss Véloscourse zu Éiere vun eiser grousser Championne Elsy Jacobs organiséieren ze kënnen, a mir soen iech Merci fir äert Versteessdemech.

Den Organisationscomité vum Festival Elsy Jacobs